N°2242
Entrée le 06.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2242 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

**1. Dierf eng Privatpersoun, déi eng privat Crèche, déi vum CSA profitéiert, parallel iwwert eng aner Firma, déi der nämmlechter Persoun gehéiert, sech d'Gebäi ofbezuelen mat deem Geld, wat et vum Staat ausbezuelt kritt? Falls jo, firwat fënnt de Minister, dass dat fair ass?**

De Chèque-service accueil (CSA) ass eng finanziell Ënnerstëtzung fir Elteren, déi u Bildungs- a Betreiungsstrukturen (SEA) ausbezuelt gëtt. Dës Hëllef ass u Bedéngunge gebonnen, déi d'Erfëllung vun der Mission de service public viraussetzen, wéi se an der *Loi Jeunesse*[1] definéiert sinn.

Privatpersoune kënnen sech allgemeng an ënnerschiddleche Gesellschaften engagéieren. Am Fall vun net konventionéierten Acteuren am SEA-Beräich ass et net ausgeschloss, datt d'Gestioun vun der Betreiungsstruktur an d'Proprietéit vum Gebai juristesch gesinn an der Hand vun där selwechter Persoun oder deem selwechte Grupp leien. Dës Aktivitéite mussen awer kloer vunenee getrennt sinn a ginn ausserhalb vum CSA-System organiséiert.

D'Utilisatioun vun de Fongen aus dem CSA ënnerleie klore Reegelen: Se mussen dem Fonctionnement vun der Struktur déngen, fir eng qualitativ héichwäerteg Bildung a Betreiung ze assuréieren. Et läit an der Verantwortung vum Gestionnaire vun der Betreiungsstruktur fir sécherzestellen, datt d'Finanzen am Aklang mat de gesetzleche Viraussetzungen an dem Zil vun der Mission de service public verwalt ginn. Dëst gëtt och iwwerpréift am Kader vu Kontrollen, déi de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) duerchféiert.

D'Haaptprioritéit vum MENJE bleift et, déi ëffentlech Mëttel esou anzesetzen, datt se direkt de Kanner an hirem Bildungs- a Betreiungsliewen zeguttkommen, an eng héichwäerteg an accessibel Offer fir all Famill ze ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, de 6. Juni 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

[1] *Loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse*